

Präsidentekonferenz, duerfir konnt ech och déi Diskussiounen net verfollegen, déi do gefouert gi sinn an dësem Zesammenhank, mä mir schéngt et, wéi wann hei eng parlamentaresch Initiativ vun engem Parlemantariër, deem dat Recht jo huet eng Proposition de loi ze maachen, blockéiert gi sollt. An dat net nëmmen zënter elo eng oder zwou Wochen, mä schonn zënter Méint, an domadder kann ech net d'accord sinn.

**M. le Président.-** Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamber ass a Presenz vun engem Antrag, den Ordre du jour an deem Sënn ëmzeänneren, dass d'Proposition de loi vum Här Garcia mar op den Ordre du jour kennt.

### Vote

Déijéineg, déi dofir si stëmme mat Jo an déi dogéint si stëmme mat Neen. De Vote électronique ass verlaangt.

Den Antrag, den Ordre du jour ze änneren, ass ofgelehnt mat 34 Nee-Stëmmen a 26 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Aloyse Bischoff.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourj, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

**M. le Président.-** D'Mme Renée Wagener kritt d'Wuert fir den Dépôt vun enger Proposition de loi ze maachen.

### 3. Dépôt d'une proposition de loi

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).** - Här President, mir ginn net op. Ech wëllt heimadder eng Proposition de loi déposéieren, an zwar eng Proposition de loi, där hire But et ass, d'Konditiounen fir den Zougank zur Adoptioun op déi Persounen ze erweideren, déi net bestuet sinn.

*– Proposition de loi 4947 tendant à élargir les conditions requises pour l'adoption aux personnes non mariées*

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi vum der Mme Wagener. Si gëtt un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet.

Dir Dammen an Dir Hären, haut de Mëtteg héiere mer dem Här Statsminister Jean-Claude Juncker seng Deklaratioun iwwert d'Lag vun der Natioun. Ech géing duerfir den Här Statsminister Juncker bidden, heihin ze kommen an d'Deklaratioun iwwert d'Lag vun der Natioun virzedroen.

### 4. Déclaration de politique générale sur l'état de la Nation de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een déi Problemer, déi een am Grëff huet, wëllt am Grëff behalen, an déi, déi sech dem Zougrëff nach entzéien, wëllt an d'Hand huelen, da muss ee se fir d'éischt eemol mam Numm nennen. Nëmme wann een d'Problemer benennt, gëtt déi Politik, mat där ee probéiert se ze léisen, verständlech. Een, deem d'Politik wëllt onlieserlech maachen deem ass drop aus déi grouss Erausforderungen, mat deenen d'Politik et ophuele muss, auszeblenden an zouzeddecken. Doduerch datt en der Politik déi Matière entzitt, déi se behandle muss, doduerch datt en hir Begründung géint bessert Wësse kontestéiert an trotz besserem Wëssen ignoréiert, mengt en dat fäerdeg ze bréngen wat een ees wéi ees wëllt beweisen, nämlech datt d'Politik nieft dem Dill läit an domat falsch ass.

Am Moment erliewe mer d'Opféierung vun esou engem Stéck. Dat Stéck heescht 700.000-Awunner-Stat. Déi eng, andeem se no hanne kucken an no vir rechnen, gesinn eis um Wee an eng massiv demographesch Expansioun. Déi aner, andeem se d'Vergaangenheet zum Zoufall erklären an d'Zukunft net deite wëllen, gesinn eis um Marsch an den Abseits.

Mir müssen aus dëser Opféierung, wou déi eng de Rideau eropzéien an déi aner en direkt eroffloossen, fir dass en erëm eropgeet an dann erëm eroffält, eng Debatt mat Konklusiounen fir d'Zukunft maachen. Dat heescht: Mir müssen all op der Bühn bleiwen. Net fir ze spillen - d'Politik ass jo kee Spill -, mä fir ze diskutéieren an ze decidéieren. Net hannert dem Rideau, mä am demokratesche Raum, do wou jiddferee jiddfereen héiert a gesäit an do wou all Mënsch matmaache kann.

Dës Debatt, vun där ech schwätzen, huet am Land längst ugefaang. Fir datt jiddfereen un hir deelhuele